N°3604
Entrée le 05.02.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 05.02.2026
Chambre des Députés

Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 5. Februar 2026

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Finanzminister weiderzeleeden.

De Staat finanzéiert iwwert déi verschidde Ministèren eng Rei vun ONGen, respektiv ënnerstëtzt se mat Sachleeschtungen, wéi d'Bereetstellung vu Raimlechkeeten oder anerem.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Finanzminister gär dës Fro stellen:

1) Kann den Här Finanzminister eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert wéi eng ONGen am Budgetsjoer 2025, finanziell oder ënner Form vun enger Sachleeschtung Ënnerstëtzung vum Staat kruten, ëm wéi ee Montant oder ewéi eng Form vu Sachleeschtung et sech dobäi jeeweils gehandelt huet, wéi vill dat am zweete Fall all Kéiers kascht huet an de jeeweilege Ministère oder aner ëffentlech Institutioun, iwwert déi déi eenzel Zouwennunge gefloss sinn, preziséieren?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten